adr

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

Präsident vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg den 21. Dezember 2022

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Finanzminister an den Här Schoulminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nummer 7183 vum honorablen Deputéierte Madamm Nancy Kemp-Arendt schreift d'Madamm Finanzminister zum Risiko vun der Iwwerschëldung am Zesummespill mat engem Mangel u finanzieller Bildung speziell bei jonken Erwuessenen ënner anerem dat hei: *"Allgemeng ass et wichteg de jonke Leit fréizäiteg Grondkenntnisser zu verschiddene Finanzthemen ze vermëttelen, an en verantwortungsbewossten Ëmgang mat Geld ze fërderen. Aus deem Grond, gouf am Joer 2017 vum Finanzministère déi national Strategie iwwert Wëssensvermëttlung am Finanzberäich ugeholl. D'Commission de Surveillance du Secteur Financier (CSSF) huet an deem Kontext d'Missioun kritt fir d'Finanzbildung zu Lëtzebuerg ze promouvéieren an d'Aktivitéiten an dem Beräich vun der "éducation financière" ze koordinéieren"*. Weider schreift d'Madamm Finanzminister: *"Dës Weidere solle Sensibiliséierungscampagnë wéi z.B. "d'Woch vun de Suen" de Kanner a Jugendlechen e besseren a méi responsabelen Ëmgang mat Geld vermëttelen."*

Ee wichtege Pilier fir jonk Leit fir de Wäert vun de Suen an hir eege finanziell Grenzen ze sensibiliséieren, läit am Training vum visuelle Gediechtnes, dat awer just asetzt, wann een déi Suen déi een ausgëtt och tatsächlech gesäit, also mat Boergeld bezilt. Déi lescht zwee Joer koum et duerch d'COVID-Situatioun awer éischter zu enger Promotioun fir méiglechst vill mat Kaarten ze bezuelen. Och déi niddreg Zënsen hunn net zur Spuersamkeet erzunn.

An deem Zesummenhang géife mir der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Ginn déi eenzel Initiative vun der CSSF och mat Responsabelen aus dem pedagogesche Beräich koordinéiert an an de Schoule virgestallt, respektiv promouvéiert? Falls jo, a wéi engem Zesummenhang? Falls nee, firwat net?

2) Gesäit d'Regierung no deenen zwee Joer Kris an och am Kader vun der aktuell héijer Inflatioun besonnesch Moossname vir, fir déi jonk Leit nees méi zum Asaz vu Boergeld ze motivéieren, fir preventiv géint eng Iwwerscholdung vu jonken Erwuessenen ze virzegoen, zum Beispill doduerch, datt d'monnaie légale nees an de Schoulkantinnen ugeholl gëtt? Falls net, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Roy Reding
Deputéierten